

## INTERVIEW

JONK LËTZEBUGER SCHRËFTSTELLER\*INNEN

# „Wann et méiglech wier, géif ech gär einfach schreiwen“

Claudine Muno

**Jonk Schrëftsteller\*inne begéinen nach méi jonke Schrëftsteller\*innen – dat war d’Konzept vun enger Table ronde, déi den 1. Abrëll 2022 am Lycée Ermesinde stattfonnt huet. Ronn zwanzeg Schüler\*innen aus enger Creative-Writing-Klass haten d’Geleeënheet, sech mat Verrieder\*inne vun der jonker Lëtzeburger Literaturzeen auszetauschen: Eline Klaassen, Antoine Pöhu, Cosimo Suglia a Maxime Weber.**

De Cosimo Suglia ass deen éischten, dee sech traute e faarwegen Ziedel aus der Këscht ze fëschen, déi virun den Invitéen um Dësch steet. D’Konzept vun dëser Table ronde ass, dass d’Auteur\*inne mussen déi Fro beäntweren, déi zum Virschäi kommen, wann se den Ziedel ausernee falen. Zweek Creative-Writing-Schülerinnen, d’Lisa Völkening an d’Célie Wald, haten se sech am Virfeld ausgeduecht. Wou fënnt een Inspiratioun? Weini weess een, dass engem säin Text gutt genuch ass? A wéi kritt ee Schreiwen a Studium respektiv Beruff ënnert een Hutt?

**woxx:** *Weini hutt Dir bemierkt, dass Schreiwen eppes Besonnesches fir Iech ass an Iech méi läit wéi aner Saachen?*

**Cosimo Suglia (C.S.):** Ech hu mat 18 Joer mam Schreiwen ugefaangen. Virdrun hunn ech Comics gezechent, dat heescht, ech hunn op eng aner Manéier Geschichten erzielt. Mat mengem éischten Text fir de Prix Laurence, „De Café um Bock“, sinn ech direkt an d’Final komm. Do wosst ech: Ok, dat läit mer e bëssen an sou hunn ech einfach weidergemaach.

**Maxime Weber (M.W.):** Ech hu mat néng Joer mäin éischte Roman ge-

schriwwen. Deemools war ech déck obsessed mat Brietpillen, vun deenen ech all d’Iddie geklaut hunn! Mat zwielef Joer hunn ech e richtegen Exposé verfaasst fir e Verlag a wierklech dru geglueft, dass ee mäi Buch kéint verëffentlechen. Och wann ech derësch heiansdo gemengt hunn, ech wier net gutt genuch, ass de Wonsch awer ëmmer erëm komm. Meng Profen a meng Mamm hu mäi Wonsch ënnerstëtzt.

**Antoine Pöhu (A.P.):** Ech hu mat 15, 16 ugefaangen. Mat 19, 20 kounm do de Moment, wou ech entscheet hunn, dass ech méi u mengem Schreiwe wéilt schaffen. Dat ass déi wierklech Entscheedung, wann een decidéiert richteg u sengem Schreiwen ze schaffen.

**Eline Klaassen (E.K.):** Ech hunn ëmmer gär a vill geschriwwen. A wann een dru schafft, da mierkt een och, dass ee besser gëtt.

**Firwat schreift Dir an där Sprooch an där Dir schreift?**

**C.S.:** Ech hunn Englesch studéiert a konsuméiere vill englesch Medien, dofir ass meng Wiel direkt op Englesch gefall. Elo wou ech mäi Master an der Luxemburgistik maachen, hunn ech ugefaangen op Lëtzebugesch ze schreiwen. Ech spille mat deenen zwou Sproochen a wiessele mech of.

**M.W.:** Ech hunn och ëmmer op Däitsch geschriwwen, well ech als Kand vill däitsch Bicher gelies hunn. Leschtens hunn ech awer eng Kuerzgeschichte op Englesch geschriwwen, an déi huet mer déck gutt gefall. Englesch läit mer mëttlerweil am meeschten. Ausserdeem huet een en zimmlech

grousse Public wann een Englesch schreift. Lëtzebugesch hunn ech ni geschriwwen, mee duerch meng Aarbecht un engem Theaterstück fir Esch 2022, zesumme mam Cosimo a mam Antoine, hunn ech gemierkt, dass dat mer méi Spaass gemaach huet, wéi ech erwaart hat.

**„Schreiwen ass wéi wann ee méi Erfarungen hätt, wéi een der am Fong huet“**

**A.P.:** Ech hunn esou geflucht, wéi mer dat Theaterstück geschriwwen hunn! Wéi, dat Wuert gëtt et net? Ech benotzen dat dach all Dag! A wat ass dat do fir eng Grammairesregel?! Iwwer de Summer hunn ech mech also e bëssen an d’Lëtzebugesch erageschaft a fannen dat och interessant, mee Franséisch läit mer méi. Mäi Papp ass Fransous, mee ech hu meng ganz Kandheet däitsch Bicher gelies an däitsche Fernsee gekuckt. Mat foffzeng Joer hunn ech decidéiert, dass ech wéilt „Les Misérables“ liesen an duerch hunn ech ugefaangen op Franséisch ze schreiwen.

**E.K.:** Ech schreiwen haaptsächlech op Däitsch. Heiansdo hunn ech aner Sproochen probéiert, mee am Däitsche sinn ech am fräisten, well ech do déi meeschte Wieder kennen. Et ass eng ganz billerräich Sprooch. Ech fannen, et gëtt ëmmer grad dat richteg Wuert, no deem ech sichen.

**Wat maacht Dir wann Dir keng Iddi méi hutt?**

**M.W.:** Kräischen! (lacht) Also dat kënnt bei mir eigentlech net vir.

Mäi Problem ass éischter d’Iddien auszubauen.

**C.S.:** Schreibblockade ginn ewech andeems ee schreift. Ech sëtze mech dohinner a schreiwen ee blöde Saz an nach een, an op eemol huet een awer geschriwwen. Et hëlleft och wann een net erwaart, direkt Qualitéit ze produzieren. Wa mir näischt méi afällt, da liesen ech aneren hir Wierker oder kucke Filmer a klauen eppes. Ech sinn der Meenung, dass ee Saache ka léinen an da mat sengen Experienze eppes Eegenes draus maachen.

**A.P.:** Ech erziele wéineg Geschichte wann ech schreiwen. Et geet bei mir méi ëm Momentopnamen an d’Relatiounen tëscht de Leit. Do brauch een net emol eng Iddi. Et léisst een einfach e Personnage aus sengem Haus erausgoen an da kommen d’Saache scho vum selwen. Op eemol spieren ech, dass de Personnage do ass, ech gesinn d’Plaz an d’Sätz fänken un ze kommen. Da sëtzen ech mech dohin a schreiwen.

**E.K.:** Ech hunn och méi de Problem, dass ech keng Zäit hunn, wéi dass ech keng Iddien hunn. Heiansdo weess ech net konkret, wéi ech eng Iddi soll ëmsetzen, da ginn ech einfach e bësse mam Hond trëppelen an da komme meeschtens Gedanken.

**Wat wëllt Dir an der Zukunft maachen? Soll Literatur ëmmer eng Roll an Ärem Liewe spillen?**

**Alleguer:** Jo.

**C.S.:** De Problem zu Lëtzebug ass, dass et hei immens schwéier ass, vum Schreiwen ze liewen. Ech wëll awer schon e Beruff an deem ech mat Literatur ze dinn hunn, als



Den Antoine Pöhu (Mett) studéiert Theaterwëssenschaften zu Bréissel. Seng Texter goufe widderhuelt ausgezechent, sief et beim Prix Laurence oder beim Poésiesconcours „Jeune Printemps“. 2019 huet säi Manuskript „La Quête“ den éischte Präis beim Nationale Literaturconcours gewonnen, 2020 gouf den Text als Roman bei Op der Lay verëffentlecht. D'Eline Klaassen (riets) ass op enger 1e A\* am Lycée Robert Schuman. Seng Texter sinn 2016 an 2018 beim Prix Laurence ausgezechent ginn. 2021 huet hatt beim Nationale Literaturconcours mam Manuskript „Die Bibliothek der gescheiterten Schriftsteller“ den éischte Präis an der Kategorie Jugendbücher/Jonk Auteurs gewonnen.

Proff am Lycée zum Beispill. Och Editeur kéint ech mer virstellen.

A.P.: Ech weess emol net, ob ech onbedéngt vu mengem Schreiwe liewe wëllt. Dofir hunn ech elo zënter September zu Bréissel e Master am Theater ugefaangen, well et no um Schreiwen drun ass. Schreiwen ass net just seng eege Romaner schreiwen. Leschtens hunn ech och un Traductione geschafft an et ass ëmmer méi reegelméisseg, dass ech bezuelten Optrag unhuelen. Dat ass manner vum Zoufall ofhängeg, wéi e Roman erauszeginn an ze hoffen, dass e sech verkeeft.

E.K.: Wann et méiglech wier, géif ech immens gär einfach schreiwen. Ech mengen net, dass et vill aner Beruffer ginn, déi ech gär géif maachen. Ech tendéieren ëmmer dozou, entweder eppes ganz ze maachen oder guer net. Am Endeffekt wäert ech wuel musse Kompromësser agoen a villäicht entdecken ech am Studium jo nach aner Perspektiven.

**Hutt Dir heiansdo den Drock eppes Guddes schreiwen ze mussen?**

M.W.: Ëmmer!

C.S.: Wat fir mech gutt ass, ass et fir deen anere villäicht net. Eppes wouopper ech pochen ass, dass ee säin Text soll Leit weisen, deenen ee vertraut, ier een en iergendwou hirschéckt. Dee Feedback kann een un-

huelen oder net. Ech mengen ëmmer meng Texter wiere gutt, da schécken ech se menger Frëndin, an dann ass dat Gefill ganz schnell fort. (laacht) Et si schonn Texter vu mir erauskoum, déi positive Feedback kruten, déi ech perséinlech awer net esou gutt fonnt hunn an ëmgedréint. Ech kucken immens gär Trashfilmer, ech mengen de Maxime och, objektiv sinn se warscheinlech net gutt mee ...

M.W.: ... si ënnerhalen dech! Wann ech vun engem Text gelangweilt sinn, dann ass e schonn emol sécher net gutt. Ech hunn héich Erwaardungen u mech beim Schreiwen, mee et ass wierklech wichteg, dass een anere Leit seng Aarbecht weist. Beim Schreiwen ass een esou déif am Prozess dran, dass een eng ganz verzerrte Siicht op säin Text huet. Mäi Roman („Das Gangrän“, 2021, Kremart Editions, Bem. vun der Red.) ass am Lektorat duerch siwe bis aacht nei Versione gaangen. Ech hat e bessen ënnerschat, wéivill Zäit dat an Usproch hält. Et war e ganz oppenen a coole Prozess, bei deem ech vill géiert hunn, a mech verbessere konnt.

A.P.: Ech hu mech ni als Perfektionist gesinn, mee et gëtt ëmmer méi schwéier mat den eegenen Texter zefriden ze sinn. Wann een un engem Roman schafft, da brauch een e Joer fir alles opzeschreiwen a wann een dann den Ufank duerchliest, da kritt ee Loscht fir erëm alles frësch ze maachen. Wann een eppes bis 15 mol

gelies huet, da gëtt et komplizéiert, fir et nach gutt ze fannen. Iergendwann muss ee lassloossen. Dat Praktescht dorunner ass, dass et de Leit da besser gefällt wéi engem selwer.

**Wann Dir Iech an e Personnage erauffillt, a seng Trauregkeet oder Freed wëllt beschreiwen, spiert Dir Iech dann och esou?**

C.S.: E Personnage muss eppes hunn wat e wëll, an eppes hunn wat e brauch: Wants and needs. Ech ginn do méi technesch vir, fir e Charakter opzebauen, wéi ze soen, ech fülle mech elo an deen eran.

M.W.: Bei mir muss et eng gewësse Stëmmung ginn, déi ech novollzéie kann, ouni dass ech se selwer fillen. Ech hunn ëmmer eng Distanz dozou. Soss géif ee jo duerchdréinen, wann een déi ganzen Zäit misst d'Emotioun vu senger Personnage noempfangen!

C.S.: Recherche ass genee esou wichteg. Ech schreiwen och iwwer Charakteren, bei deenen ech net weess, wéi se sech fillen. Wann ech e Charakter beschreiwen, deen homosexuell ass an ech sinn et net, da kucken ech mer d'Experienze vun anere Leit un a ginn da sensibel drun erun.

M.W.: Recherchéieren ass eigentlech dat Wichtigst. A mengem nächste Buch ass e Personnage Paleoanthropolog. Ech hu mer Youtube-Videos

zum Thema ugekuckt - do léiert een immens vill bái.

A.P.: Fir mäin nächste Roman hunn ech 100.000 Jazz-Videos gekuckt! Generell probéieren ech net ze beschreiwe wat d'Leit fillen, mee Situationnen ze kreéieren. Wéi am richtige Liewen, do weess een och net ëmmer wat deen aneren denkt. Wat ech fillen ass dacks net Freed oder Trauregkeet, mee eng immens Rou. Wann ech schreiwen, da sinn ech laang dono nach ganz roueg.

E.K.: Also ech fanne Recherche mega langweilig! Ech schreiwen net ëmmer nëmmen iwwer meng Experienze, mee wann ech eppes erfannen, da probéieren ech, dass ëmmer ee Gefill dran ass, dat ech kennen. Heiansdo gëtt et dat vergréissert oder an en anere Kontext gesat.

C.S.: Et hängt och vun der Form of. Wann ech Poetry Slam schreiwen oder Spoken Word, dat ass perséinlech, dat sinn ech. Och a Gedichter spigelen sech perséinlech Experienze.

M.W.: Bei Songtexter, dat sinn och ech. Natierlech stécht an de Personagen ëmmer eppes vum Auteur dran, mee et ass genee esou interessant, Persounen ze beschreiwen, déi näischt mat engem senger Liewensrealitéit ze dinn hunn.

**Wéi hutt Dir Äre Schreiftstil, respektiv Genre fonnt?**

## INTERVIEW

De Cosimo Suglia (lénks) huet e Bachelor an der Anglistik a mécht aktuell e Master an der Lëtzebuerger Sprooch a Literatur.

2021 gouf hie mam Chrysalis Award ausgezechent, e Präis fir spekulativ Fiction. Am selwechte Joer huet hien d'PoetrySlam-Meeschterschafte gewonnen. Rezent huet hien et mat sengem Text „Héichuewen, Déifbuedem“ op d'Shortlist vum Prix Laurence gepackt.

De Maxime Weber (riets) huet Philosophie zu München studéiert a schafft aktuell fir eng Ëmweltorganisatioun. 2021 koum säin Debütroman „Das Gangrän“ bei Kremart Editions eraus. Nieft senger literarescher Aarbecht mécht hien och Musek an dréint Kuerzfilmer a Museksvideoen.



COPYRIGHT: MANU NOLL

M.W.: Wéi ech ugefaangen hu mat Schreiwen, war mäi Genre Fantasy. Eng Zäit duecht ech, dat géif zu Lëtzebuerg net seriö geholl. Do hunn ech versicht mech unzabiederden andeems ech méi realistesch Saache geschriwwen hunn, mee dat gefält mer net esou. A mengem aktuelle Buch si surrealistesch Elementer dran an dat läit mer méi. Doduerch gëtt mäi Schreiwen och besser.

C.S.: Ech hunn nach kee spezifische Schreifstil, ech versichen ëmmer anescht ze schreiwen. Ech huelen Elementer déi mer gefallen a bauen se an. Als Exercice fannen ech de Genre awer déck gutt. Well all Genre huet Konventionen a mat deene kann ee spillen

A.P.: Am Ufank hunn ech Saachen imitéiert, déi ech cool fonnt hunn. Mir gefallen d'Texter vum Philippe Claudel zum Beispill, dee mega kritesch mat der d'Gesellschaft ëmgeet. Dono hunn ech awer gemierkt, dass ech eng ganz aner Approche hunn. Ech ginn éischter mat enger vill méi doucer Sensibilitéit drun erun a maachen de Géigendeel fir dat selwecht ze soen. Esou baut een sech lues a lues seng Technik op.

**Huet d'Schreiwen Iech scho gehollef a Momenter, an deenen Dir Iech net esou gutt gefillt hutt?**

M.W.: An der Primärschoul waren d'Kanner net ëmmer esou léif mat

mir an do hunn ech e Fantasy-Roman geschriwwen. Dat war e bëssen Eskapismus, mee dat huet mer vill gehollef.

E.K.: Fréier hunn ech ëmmer déi Kanner, déi ech net leide konnt a meng Geschichten erageschriwwen, mëttlerweil maachen ech dat awer net méi.

C.S.: Beim Spoken Word si meng Texter dacks satiresch oder aggressiv, do kritiséieren ech och Lëtzebuerg a wat hei falsch leeft. Do ass meng Emotioun, an et ass meng Manéier fir Roserei ofzebauen.

**„Fir mech ass et esou tëscht ‚Et mécht mega Spaass‘ a ‚firwat maachen ech dat?‘“**

A.P.: Déi lescht Méint hunn ech gemierkt, dass reegelméisseg ze schreiwen sech dorop auswierkt, wéi ech mech fillen.

E.K.: Dat ass iwwerhaupt ee vun den Haaptgrënn firwat ech ëmmer geschriwwen hunn, well ech dat brauch, fir Situatiounen an Emotiounen ze verschaffen. Et ass awer och ëmgedréint esou, dass Saachen déi ech geschriwwen hunn, mir dono am Alldag eppes bréngen, well ech d'Gefill hunn: Dat do

hues de an enger Geschicht schonn erlieft. Et ass, wéi wann ee méi Erfahrung hätt, wéi een der am Fong huet.

**Fält et Iech méi liicht aus der Ech-Perspektiv ze schreiwen oder d'Saache vu baussen ze beschreiwen?**

C.S.: Ech hunn elo véier Texter an der Du-Perspektiv geschriwwen. Dat ass perséinlech an awer hues de eng gewëssen Distanz. Domadder spillen ech grad.

A.P.: Ech sinn immens gär an der Ech-Perspektiv. Ech probéieren oft esouguer de Kierper vu mengem Protagonist matanzebannen, kierperlech Gefiller ze beschreiwen, méi wéi sentimental Gefiller.

M.W.: An der Ech-Perspektiv kann een och domadder spillen, dass de Protagonist Saachen zielt, déi net onbedéngt stëmmen.

A.P.: Am Theater probéiert een de Präsenz déi ganzen Zäit ze verwëschen, zum Beispill andeems een tëscht de Pronomen hin an hier spréngt. Heiansdo seet een „ech“ an heiansdo „hien“, dat ass dann den Acteur, deen iwwer de Personnage schwätzt. Et ass interessant, sech dann doranner ze verléieren.

E.K.: Am Moment interesséieren ech mech virun allem fir d'Ech-Perspektiv,

well ech et an der drëtter Persoun ganz komesch fannen, de Personnage ëmmer beim Numm mussen ze nennen. Well e Mënsch ni ganz genee an en Numm erapasst. Ech fannen et och flott fir mat de Geschlechter ze spillen a wann een da schreift „er“ a „sie“ verschwënnt do eppes.

**Ass Schreiwe fir Iech och heiansdo eng Laascht?**

A.P.: Fir mech ass et esou tëscht „Et mécht mega Spaass“ a „firwat maachen ech dat?“. Et sinn ëmmer e bëssen déi zwee Gefiller gläichzäiteg. Generell ass Schreiwen eng Aarbecht déi immens eleng ass. Dat ka schonn op d'Moral schloen.

E.K.: Ech hu mer esou ugewinnt, fir ëmmer all fräi Zäit fir d'Schreiwen ze notzen, dass ech mech onwuel fillen, wann ech Zäit hunn an net schreiwen. Gläichzäiteg denken ech mer: Wann ech elo eppes schreiwen an ech hu keng Loscht, da gëtt et souwisou näischt. Et bleift ëmmer e Scholdgefill. Dat nervt schonn e bëssen ... Anerersäits géif ech mech soss warscheinlech langweilen!

D'Biografie vu den Autor\*innen goufe recherchéiert vum Lena Differding, Nadia Ferraz Sales, Vicky Koster an Anne Scholzen.